ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister, den Här Finanzminister an un d' Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Am Kader vum Klima Accord vu Paräis huet Lëtzebuerg sech verpflicht, säin Deel dozou bäizedroen, datt déi global Temperaturen bis 2100 net iwwer 2 Grad Celsius vis-à-vis vum virindustriellen Zäitalter klamme sollen.

An dem Kontext hätt ech un déi dräi Ministere folgend Nofro:

1) Wéi ee Montant gëtt Lëtzebuerg 2021 insgesamt aus, fir seng Verpflichtunge vum Klima Accord vu Paräis kënnen ze erfëllen?
2) Wéi ee Pourcentage mécht dëse Montant um Lëtzebuerger Bruttosozialprodukt aus?
3) **Wéi engen Depense steet e Revenu oder e geplangte Revenu vis-à-vis?**
4) Wéi ee Montant vun deenen Depense gëtt zu Lëtzebuerg ausginn?
5) **Wéi presentéiert sech d' Opstellung vun de Bénificiaren:**
   Wéi een Undeel vun dësen Depensen entfält op **Gemengen an allgemeng ëffentlech Administratiounen?**
   Wéi een Undeel entfält **op ëffentlech Betriber, wéi en Undeel op privat Betriber?**
   Wéi en Undeel entfält op Netregierungsorganisatiounen?
   Wéi een Undeel entfält op d' Participatioun un der Klima Politik vun der Europäescher Unioun?
   Wéi een Undeel gëtt an Drëttlänner iwwerwisen?
   Wéi presentéiert sech d' Opdeelung vun deem zulescht genannte Posten no eenzelne Länner?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten